N° 7536
Entrée le 31.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Doktere kënnen Ordonnancë fir Analysen am Labo verschreiwen, déi net vun der CNS rembourséiert ginn. An deem Fall hätt de Labo laut Artikel 12 vun der Konventioun tëscht der Fédération luxembourgeoise des Laboratoires d'analyses médicales an der CNS d'Flicht, fir de Patient iwwert d'zousätzlech Käschten z'informéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi muss dës Estimatioun vum coût global formuléiert sinn? Geet eng verbal Estimatioun duer oder muss de Patient dës schrëftlech kréien?
2. Am Fall wou de Patient oder d'Patientin net iwwert dës zousätzlech Käschten informéiert gi wier, u wien misst en sech wenden?
3. Wat gëtt am Fall gemaach, wou de Prestataire keng schrëftlech Tracen huet, déi beweisen, dass en eng Estimatioun ginn huet?
4. Wéi vill esou Litigë sinn aus de vergaangenen 10 Joer bekannt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten